A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

Zousazmaterial

Kapitel 5

Kapitel 5 Säit 77, Übung 11

1. Liest a beäntwert d'Froen.

1. Wou hutt Dir Är lescht Vakanz verbruecht?
   - ❍ an de Bierger
   - ❍ um Mier
   - ❍ un engem Séi
   - ❍ an enger Stad
   - ❍ doheem
   - ❍ …

2. Wou hutt Dir gewunnt?
   - ❍ an engem Hotel
   - ❍ an engem Appartement
   - ❍ an engem Haus
   - ❍ bei engem privaten Awunner
   - ❍ bei Kolleegen
   - ❍ op engem Camping / an engem Zelt
   - ❍ op engem Camping / an enger Roulotte
   - ❍ an engem Mobilhome
   - ❍ op engem Schëff
   - ❍ …

3.Wat fir eng Zort Vakanz hutt Dir gemaach?
   - ❍ aktiv, sportlech
   - ❍ Kultur, Visitten
   - ❍ Plage, relaxen
   - ❍ …

4. Wéi sidd Dir an d'Vakanz gefuer?
   - ❍ mam Fliger
   - ❍ mam Auto
   - ❍ mam Zuch
   - ❍ mam Mobilhome
   - ❍ mam Vëlo
   - ❍ mam Bus
   - ❍ …

5. Mat wiem waart Dir an d'Vakanz?
   - ❍ mat der Famill (mat de Kanner)
   - ❍ als Koppel
   - ❍ mat Frënn
   - ❍ eleng
   - ❍ …

6. Wéini fuert Dir gär an d'Vakanz?
   - ❍ am Fréijoer
   - ❍ am Summer
   - ❍ am Hierscht
   - ❍ am Wanter

7. Wéi laang fuert Dir normalerweis fort?
   - ❍ ee Weekend
   - ❍ manner wéi eng Woch
   - ❍ 1-2 Wochen
   - ❍ 3 Wochen
   - ❍ méi wéi 3 Wochen

2. Kuckt d'Äntwerte vun enger anerer Persoun. Stellt dës Persoun an der Klass vir. Schwätzt iwwert hir Gewunnechte fir d'Vakanz

Beispill:

De Pedro war fir d'lescht an Italien an der Vakanz, hie war un engem Séi.
Hien huet an engem Hotel gewunnt. …

Kapitel 5 Säit 77, Übung 13

Variant 1

Liest den Text. Setzt d'Verben am Passé composé an.

Ech (fueren) ..... gëschter um 8 Auer mam Zuch an d'Stad .....

Fir d'éischt (goen)..... ech bei de Bäcker....., duerno (drénken) ..... ech e gudden Expresso an engem Café .....

Duerno (goen) ..... ech op d'Bank an op d'Post ..... Op der Bank (maachen) ..... ech e Virement ..... an op der Post (kafen)..... ech Timbere .....

Duerno (goen) ..... ech shoppe ..... Ech (kucken) ..... d'Vitrinne vun de Butteker ..... An engem Schongbuttek (gesinn) ..... ech e flott Puer Stiwwele ..... ! Ech (eragoen) ..... an de Buttek ..... Ech (umoossen) .....d'Stiwwelen ....., mä se ware leider ze enk.

Zum Schluss (goen) ..... ech och nach an e Reesbüro ..... Ech (buchen) ..... eng kleng Vakanz ..... : An der Chrëschtvakanz fueren ech fir véier Deeg an Italien, op Roum.
Op eemol war et schonn 11 Auer an ech (lafen)..... séier op d'Gare .....,
fir den Zuch fir heem ze huelen an d'Mëttegiesse kachen ze goen.

Kapitel 5 Säit 77, Übung 13

Variant 2

Liest den Text. Setzt d'Verben am Passé composé an d'Prepositiounen an, op, bei *an.*

Ech (fueren) ..... gëschter um 8 Auer mam Zuch ..... d'Stad .....

Fir d'éischt (goen)..... ech..... de Bäcker ....., duerno (drénken) ..... ech e gudden Expresso ..... engem Café .....

Duerno (goen)..... ech ..... d'Bank an ..... d'Post .... der Bank (maachen) ..... ech e Virement ..... an ..... der Post (kafen) ..... ech Timbere .....

Duerno (goen) ..... ech shoppe ..... Ech (kucken) ..... d'Vitrinne vun de Butteker .... engem Schongbuttek (gesinn) ..... ech e flott Puer Stiwwele ..... ! Ech (eragoen) .... de Buttek ..... Ech (umoossen) ..... d'Stiwwelen ....., mä se ware leider ze enk.

Zum Schluss (goen) ..... ech och nach ..... e Reesbüro ..... Ech (buchen) ..... eng kleng Vakanz .....: An der Chrëschtvakanz fueren ech fir véier Deeg ..... Italien, ... Roum.

Op eemol war et schonn 11 Auer an ech (lafen)..... séier ..... d'Gare ....., fir den Zuch fir heem ze huelen an d'Mëttegiesse kachen ze goen.

Kapitel 5

Säit 77, Übung 13

Wat hutt Dir de leschte Weekend gemaach? Schreift dës Geschicht an der Vergaangenheet.

Ech war zu Barcelona	zu Barcelona sinn
an ech hunn eng Frëndin besicht.	eng Frëndin besichen
Leider	de Wee net fannen
Dofir	e Mann froen
Hien	mir de Wee erklären
Dat	net einfach sinn
Fir d'éischt	mam Metro fueren
Den Trajet	20 Minutten daueren
Du(nn)	nach e Stéck ze Fouss goen
Du(nn)	och nach de Bus huelen
Meng Frëndin	um 12 Auer op mech waarden
Mä ech	eréischt um 3 Auer ukommen
Meng Frëndin	mir d'Dier opmaachen
Hatt	net rose sinn
Mir	sech un den Dësch setzen
an	Kaffi drénken
Mir	vill laachen
an	sech gutt ameséieren
Den Dag drop	erëm heemfueren

Kapitel 5 Säit 77, Übung 13

Liest den Text. Setzt déi richteg Verben am Passé composé an.

D'lescht Joer hu mir eng Rees op Paräis ..... Mir si mam TGV ..... an op der Gare de l'Est ..... Zu Paräis si mir ganz vill interessant Saache kucke ..... Mir hunn an engem klengen Hotel bei der Gare de l'Est ..... Mir sinn zwee Deeg zu Paräis ..... Mir hu bal all d'Touristenattraktioune ..... Zu Paräis gëtt et och vill gutt Restauranten. Mir hunn ëmmer immens gutt ..... a .....

Wat hutt Dir de leschte Weekend gemaach? Liest d'Etappen a schreift dës Geschicht an der Vergaangenheet.

- en Ausfluch op Bréissel maachen
- op der Gare Tickete kafen
- mam Zuch fueren
- zu Bréissel de Plang vun der Stad studéieren
- en Tram huelen
- e bësse Sightseeing maachen a spadséiere goen
- raschten, op enger Terrass e Kaffi drénken an eng Glace iessen
- sech gutt ameséieren
- owes den Zuch fir heem huelen

Gëschter hu mir en Ausfluch op Bréissel .....

.....

.....

.....

.....

.....

.....

.....

.....

.....

.....

.....

.....

Kapitel 5  Säit 77, Übung 13

Fréier an haut. Wat fir ee Verb passt? Fëllt den Text fäerdeg aus.

fléien	fueren	schaffen	maachen	schlofen
kommen	~~goen~~	kafen	schwätzen	wunnen

1. Fréier ass hien dacks an de Kino gaangen. Haut geet hie léiwer an den Theater.
2. Fréier ..... hie vill Sport ..... Haut ..... hie kee Sport méi.
3. Fréier ..... si ëmmer mam Auto schaffe ..... Haut ..... si mam Bus.
4. Fréier ..... du ëmmer ze spéit ..... Haut bass du ëmmer pünktlech an du ..... net méi ze spéit.
5. Fréier ..... d'Leit net dacks mam Fliger ..... Haut..... vill Leit e puer Mol d'Joer mam Fliger.
6. Fréier ..... ech de Weekend dacks bis 12 Auer mëttes ..... Haut ..... ech net méi sou laang, ech stinn de Weekend um 9 Auer op.
7. Fréier ..... hatt just eng Sprooch ..... Haut ..... hatt dräi Sproochen.
8. Fréier ..... hien an enger Entreprise ..... Haut ..... hien net méi, hien ass pensionéiert.
9. Fréier war si aarm a si ..... net vill Saache ..... Haut ass si räich a si ..... ganz vill Saachen.
10. Fréier..... mir zu Ettelbréck ..... Haut ..... mir zu Esch.

Wat hutt Dir fréier anescht gemaach wéi haut? Notéiert dräi Saachen.

1. Fréier .....

   Haut .....
2. .....

   .....
3. .....

   .....

Kapitel 5 Säit 79, Übung 3

Formuléiert d'Froen am Passé composé.

1. .... de Weekend laang geschlof?
2. .... de leschte Summer an d'Vakanz gefuer?
3. .... dech am Joer 2000 bestuet?
4. .... d'lescht Woch an de Restaurant iesse gaangen?
5. .... de Moien e Croissant giess?
6. .... haut ze spéit op d'Aarbecht komm?
7. .... virun 1990 de Fürerschäi gemaach?
8. ....gëschter Owend d'Tëlee gekuckt?
9. .....?
10. .....?

Fannt eng Persoun an der Klass, déi mat „Jo" op d'Froen äntwert.

A: Hues du de Weekend laang geschlof?

B: Nee, ech sinn e Samschdeg um 7 Auer erwächt.

A: Hues du de Weekend laang geschlof?

C: Jo, ech hunn e Sonndeg bis hallwer 11 geschlof!

Kapitel 5



Säit 79, Übung 7

Sazbau an Inversioun

D'Schüler schaffen zu zwee oder a klenge Gruppen a solle mat deenen Elementer fënnef richteg Sätz bilden (mat oder ouni Inversioun). Et geet drëm, all d'Käertercher ze benotzen. Et sollen also och zwou Froe virkommen. Et gi vill verschidde Méiglechkeeten an d'Sätz kënne variéiert ginn, fir de Sazbau an, virun allem, d'Inversioun ze trainéieren.

GESINN	?	RASÉIERT		?	
AM KINO	HEEMKOMM	AM BUEDZËMMER	OPGESTANEN	GELAUSCHTERT	KOMM
E FLOTTE FILM	UM 23 AUER	HAUT DE MOIEN	UM 11 AUER	D'NORIICHTEN	OP LËTZEBUERG
D'LESCHT WOCH	GËSCHTER	SECH	DE WEEKEND	DE MOIEN	VIRUN ZWEE JOER
HUNN	DU	HUET	SINN	DIR	SINN
ECH	BASS	HIEN	MIR	HUTT	SI

Kapitel 5 Säit 81, Übung 6

Liest d'Sätz zu zwee. Reagéiert mat den Expressiounen an der Këscht op dat, wat geschitt ass.

Wat hutt Dir de leschte Weekend gemaach?

- Ech hunn de leschte Weekend den George Clooney gesinn.
- Mir hu menger Mamm hiren 80. Gebuertsdag gefeiert.
- Mäi Mann ass de Marathon matgelaf, mir si kucke gaangen.
- Mäi Meedchen ass gefall an huet missen an d'Urgence. Mir ware véier Stonnen do!
- D'Wieder war sou schéin, mä ech hunn de ganze Weekend dobanne geschafft.
- Mir wollten op Paräis fueren, mä den Zuch ass net gefuer. D'Zuchpersonal huet gestreikt.
- Ech hunn näischt Spezielles gemaach, et war e langweilege Weekend.
- Mir waren op eng Hochzäit invitéiert. Et war immens flott.
- Ech sinn 100 Kilometer mam Vëlo gefuer.
- Mir waren e Samschdeg Miwwele bei Batibau kafen an hu se e Sonndeg montéiert.

Wat? Seriö!?	A, cool!	Ou!?
A sou!?	Dat ass schued!	O mei!
O wéi flott!	Dat fannen ech super!	

Beispill:

A: Ech hunn de leschte Weekend den George Clooney gesinn.

B: Wat? Seriö!? Ech hunn …

A: …

2. Wat hutt Dir de leschte Weekend gemaach? Erzielt a reagéiert.

Kapitel 5

Säit 83, Übung 7

Kuckt d'Illustratioune vum Wieder. Wat fir Aktivitéite passen? Sicht eng eraus. Maacht Sätz wéi am Beispill.



am Park Fussball spillen

dobanne bleiwen

am Séi schwammen

an d'Schwämm goen

mam Schlitt fueren

spadséiere goen

an de Kino goen

en Tour mam Vëlo maachen

an e Musée goen

mam Hond spadséiere goen

mam Draach spillen

Beispill :

A: Et reent. Wat solle mir maachen?

B: Mir kënnen an de Kino goen.

B: Haut ass vill Wand. Solle mir mam Draach spillen?

A: O jo, dat ass eng gutt Iddi!

A2

Schwätzt Dir Lëtzebuergesch?

Léisungen

Zousazmaterial

Kapitel 5

Kapitel 5 Säit 77, Übung 13

Variant 1

Liest den Text. Setzt d'Verben am Passé composé an.

Ech **si** gëschter um 8 Auer mam Zuch an d'Stad **gefuer**.

Fir d'éischt **sinn** ech bei de Bäcker **gaangen**, duerno **hunn** ech e gudden Expresso an engem Café **gedronk**.

Duerno **sinn** ech op d'Bank an op d'Post **gaangen**. Op der Bank **hunn** ech e Virement **gemaach** an op der Post **hunn** ech Timbere **kaaft**.

Duerno **sinn** ech shoppe **gaangen**. Ech **hunn** d'Vitrinne vun de Butteker **gekuckt**. An engem Schongbuttek **hunn** ech e flott Puer Stiwwele **gesinn**! Ech **sinn** an de Buttek **eragaangen**. Ech **hunn** d'Stiwwelen **ugemooss**, mä se ware leider ze enk.

Zum Schluss **sinn** ech och nach an e Reesbüro **gaangen**. Ech **hunn** eng kleng Vakanz **gebucht**: An der Chrëschtvakanz fueren ech fir véier Deeg an Italien, op Roum.
Op eemol war et schonn 11 Auer an ech **si** séier op d'Gare **gelaf**, fir den Zuch fir heem ze huelen an d'Mëttegiesse kachen ze goen.

Kapitel 5 Säit 77, Übung 13

Variant 2

Liest den Text. Setzt d'Verben am Passé composé an d'Prepositiounen an, op, bei *an.*

Ech **si** gëschter um 8 Auer mam Zuch **an d'**Stad **gefuer**.

Fir d'éischt **sinn** ech **bei de** Bäcker **gaangen**, duerno **hunn** ech e gudden Expresso **an engem** Café **gedronk**.

Duerno **sinn** ech **op d'**Bank an **op d'**Post **gaangen**. **Op der** Bank **hunn** ech e Virement **gemaach** an **op der** Post **hunn** ech Timbere **kaaft**.

Duerno **sinn** ech shoppe **gaangen**. Ech **hunn** d'Vitrinne vun de Butteker **gekuckt**. **An engem** Schongbuttek **hunn** ech e flott Puer Stiwwele **gesinn**! Ech **sinn an de** Buttek **eragaangen**. Ech **hunn** d'Stiwwelen **ugemooss**, mä se ware leider ze enk.

Zum Schluss **sinn** ech och nach **an e** Reesbüro **gaangen**. Ech **hunn** eng kleng Vakanz **gebucht**: An der Chrëschtvakanz fueren ech fir véier Deeg **an** Italien, **op** Roum.
Op eemol war et schonn 11 Auer an ech **si** séier **op d'**Gare **gelaf**, fir den Zuch fir heem ze huelen an d'Mëttegiesse kachen ze goen.

Kapitel 5 Säit 77, Übung 13

Wat hutt Dir de leschte Weekend gemaach? Schreift dës Geschicht an der Vergaangenheet.

Ech war zu Barcelona	zu Barcelona sinn
an ech hunn eng Frëndin besicht.	eng Frëndin besichen
Leider hunn ech de Wee net fonnt.	de Wee net fannen
Dofir hunn ech e Mann gefrot.	e Mann froen
Hien huet mir de Wee erklaërt.	mir de Wee erklären
Dat war net einfach.	net einfach sinn
*Fir d'*éischt *sinn ech mam Metro gefuer.*	mam Metro fueren
Den Trajet huet 20 Minutte gedauert.	20 Minutten daueren
Du sinn ech nach e Stéck zu Fouss gaangen.	nach e Stéck ze Fouss goen
Dunn hunn ech och nach de Bus geholl.	och nach de Bus huelen
Meng Frëndin huet um 12 Auer op mech gewaart.	um 12 Auer op mech waarden
Mä ech sinn eréischt um 3 Auer ukomm.	eréischt um 3 Auer ukommen
Meng Frëndin huet mir d'Dier opgemaach.	mir d'Dier opmaachen
Hatt war net rosen.	net rose sinn
Mir hunn eis un den Dësch gesat	sech un den Dësch setzen
an hunn e Kaffi gedronk.	Kaffi drénken
Mir hu vill gelaacht	vill laachen
an eis gutt ameséiert.	sech gutt ameséieren
Den Dag drop sinn ech erëm heemgefuer.	erëm heemfueren

Kapitel 5 Säit 77, Übung 13

Liest den Text. Setzt déi richteg Verben am Passé composé an.

D'lescht Joer hu mir eng Rees op Paräis **gemaach**. Mir si mam TGV **gefuer** an op der Gare de l'Est **ukomm**. Zu Paräis si mir ganz vill interessant Saache kucke **gaangen**. Mir hunn an engem klengen Hotel bei der Gare de l'Est **geschlof**. Mir sinn zwee Deeg zu Paräis **bliwwen**. Mir hu bal all d'Touristenattraktioune **gesinn**. Zu Paräis gëtt et och vill gutt Restauranten. Mir hunn ëmmer immens gutt **gedronk** a **giess**.

Wat hutt Dir de leschte Weekend gemaach? Liest d'Etappen a schreift dës Geschicht an der Vergaangenheet.

- en Ausfluch op Bréissel maachen
- op der Gare Tickete kafen
- mam Zuch fueren
- zu Bréissel de Plang vun der Stad studéieren
- en Tram huelen
- e bësse Sightseeing maachen a spadséiere goen
- raschten, op enger Terrass e Kaffi drénken an eng Glace iessen
- sech gutt ameséieren
- owes den Zuch fir heem huelen

Gëschter hu mir en Ausfluch op Bréissel gemaach. Mir hunn op der Gare Tickete kaaft. Mir si mam Zuch gefuer. Zu Bréissel hu mir de Plang vun der Stad studéiert. Mir hunn en Tram geholl. Mir hunn e bësse Sightseeing gemaach a si vill spadséiere gaangen. Mir hunn och heiansdo gerascht, mir hunn op enger Terrass e Kaffi gedronk an eng Glace giess.

Mir hunn eis ganz gutt ameséiert. Owes hu mir nees den Zuch fir heem geholl.

Kapitel 5 Säit 77, Übung 13

Fréier an haut. Wat fir ee Verb passt? Fëllt den Text fäerdeg aus.

1. Fréier ass hien dacks an de Kino gaangen. Haut geet hie léiwer an den Theater.
2. Fréier **huet** hie vill Sport **gemaach**. Haut **mécht** hie kee Sport méi.
3. Fréier **ass** si ëmmer mam Auto schaffe **gefuer**. Haut **fiert** si mam Bus.
4. Fréier **bass** du ëmmer ze spéit **komm**. Haut bass du ëmmer pünktlech an du **kënns** net méi ze spéit.
5. Fréier **sinn** d'Leit net dacks mam Fliger **geflunn**. Haut **fléie** vill Leit e puer Mol d'Joer mam Fliger.
6. Fréier **hunn** ech de Weekend dacks bis 12 Auer mëttes **geschlof**. Haut **schlofen** ech net méi sou laang, ech stinn de Weekend um 9 Auer op.
7. Fréier **huet** hatt just eng Sprooch **geschwat**. Haut **schwätzt** hatt dräi Sproochen.
8. Fréier **huet** hien an enger Entreprise **geschafft**. Haut **schafft** hien net méi, hien ass pensionéiert.
9. Fréier war si aarm a si **huet** net vill Saache **kaaft**. Haut ass si räich a si **keeft** ganz vill Saachen.
10. Fréier **hu** mir zu Ettelbréck **gewunnt**. Haut **wunne** mir zu Esch.

Kapitel 5 Säit 79, Übung 3

Formuléiert d'Froen am Passé composé.

1. **Hues du** de Weekend laang geschlof?
2. **Bass du** de leschte Summer an d'Vakanz gefuer?
3. **Hues du** dech am Joer 2000 bestuet?
4. **Bass du** d'lescht Woch an de Restaurant iesse gaangen?
5. **Hues du** de Moien e Croissant giess?
6. **Bass du** haut ze spéit op d'Aarbecht komm?
7. **Hues du** virun 1990 de Fürerschäi gemaach?
8. **Hues du** gëschter Owend d'Tëlee gekuckt?